piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/10/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d’Ministere fir Aarbecht & Famill, Solidaritéit an Integratioun weiderzeleeden.**

Vill Mënschen hei am Land hunn aus de verschiddensten Ursaache keng Aarbecht. Bei Flüchtlingen ass et oft esou, dass si wéinst der Sproochebarrière, mee och anere Facteuren, et méi schwéier hunn, fir um Aarbechtsmarché Fouss ze faassen.

Associatiounen, déi um Terrain aktiv sinn, bemängele schonn zënter bal engem Joerzéngt, dass d'Integratioun vun de BPIen an éischter Linn duerch d'Aarbecht zoustane kënnt, well d'BPIen hei a Kontakt mat anere Leit kommen, wéi an de Flüchtlingsfoyeren a well se nëmmen duerch Aarbecht hei am Land selbststänneg kënne ginn.

De REVIS ass eng temporär Moossnam, hëlleft hinnen awer net laangfristeg. Et wier dofir wichteg ze wëssen, wéi schnell BPIen eng Méiglechkeet op eng Aarbecht an eiser Gesellschaft kréien. An engem Wort-Artikel vum 9ten Oktober wollt oder konnt de Familljeministère heizou keng Zuele liwweren.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill BPIen kréien aktuell de REVIS?
2. Wéi laang waren BPIen de vergaangengen 8 Joren am REVIS (zënter der Reform vum REVIS)?
   Wat sinn d'Moyenne, de Median an de Maximum?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

3. Falls d'Ministeren dës Zuelen net huet:

   - Wéi vill BPIen hunn, opgeléscht pro Joer, nach a Flüchtlingsfoyere gewunnt, wat normalerweis de Fall ass, well se keng Plaz um Wunnengsmaart fannen (well se keng Aarbecht fannen) ?
   - Wéi huet sech d'Zuel vu BPIen vun 2018 bis 2025 entwéckelt (opgeléscht pro Joer, op den 1te Januar) a wéi vill BPIen waren zu deem Zäitpunkt als Demandeurs d'Emploi bei der ADEM ageschriwwen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés